# De partizipativen Iessplang bei de Biber

D'Biber kënnen a sollen um Scoutsweekend oder um Scoutscamp och ofgesi vum Programm matschwätzen, matgestalten a matbestëmmen.

An dësem Dokument wëlle mir iech e puer Iddien mat op de Wee ginn, wéi d'Participatioun vun de Biber beim Organiséieren vum Iessplang kann ëmgesat ginn.

## Beispill 1:

An enger Versammlung virum Camp oder Weekend kënnen d'Biber Iddien opmolen, wat si op der nächster grousser Aktivitéit wëllen iessen. D'Iddie ginn alleguer agesammelt. Duerno kann am grousse Grupp iwwert déi verschidden Iddien ofgestëmmt ginn. Wann een z.B. 2 mol muss kachen, ginn duerno déi zwee Platen mat de meeschte Stëmmen erausgesicht.

Natierlech ass et wichteg, dass d'Chef de Biber am Viraus ee gewësse Kader sëtzen (z.B. et duerf Näischt am Schäffche sinn, et duerf Näischt mat Fleesch sinn, et duerf Näischt si wat, et muss eppes Waarmes sinn). Och nom Asammelen a virun der Ofstëmmung vun den Platen kënnen d'Chef, zesumme mat de Biber, déi Ziedelen aus sortéieren, wou de Krittären net entspriechen.

## Beispill 2:

Beim Virbereede vum Weekend oder vum Camp leeën d'Chef  de Menü wéi gewinnt fest. Wann et z.B 3 waarm Platen ginn, decidéieren d'Chef, dass si emol Spaghetti, emol Pakalu an emol eng Geméispan mat Räis maachen. D'Chefpreparéieren d'Akafslëscht fir de Camp a gi virum Camp/Weekend fir déi 3 Platen akafen.

Um Ufank vum Weekend oder vum Camp, gëtt den Iessplang (Dag an Auerzäit) dann an de grousse Sall gehaang. Zesummen am Grupp decidéieren d'Biber wéini si wat wëllen Iessen an hänken d'Kaarte mat den eenzelnen Platen (Spaghetti, Pakalu & Geméispan mat Räis) bei den Dag an d'Auerzäit wou si et gär hätten.

Och hei ass et wichteg, de Biber ee gewësse Kader ze sëtzen (z.B. wéini gëtt et waarm oder kal ziessen, den 3. Dag gëtt et Picknick, well mir sinn um Rallye…).

Vill Freed beim Ausprobéieren!

Mir freeën eis ëmmer iwwert Feedback

